**Projet**

www.dici.lu

# dici

Développement intercommunal coordonné et intégratif

Bertrange
Hesperange
Leudelange
Luxembourg
Strassen

Ministère du Développement durable et des Infrastructures
Département de l'aménagement du territoire

N°05

www.dici.lu

## L'Etat et les communes collaborent pour augmenter l'attractivité des déplacements à vélo

## Zesummenaarbecht vu Staat a Gemengen fir d'Vélosdeplacementer ze förderen



François Bausch
Ministre ... (à définir)

„Och op eise Stroossen sécher mam Vëlo ënnerwee! Mir hunn eng detailléiert Analyse maache gelooss, déi eis weist, ob wéi enge kommunalen a staatleche Stroossen a Kräizunge bei zukënftege Chantieren d'Vëlos-infrastruktur verbessert muss ginn. Sou entsteet ee sécherT, attraktiivt an direkt Vëlosnetz am ganzen DICI-Raum."

Claude Turmes
Ministre ... (à définir)

„Eng interkommunal a mam Staat ofgestëmmten Approche erméiglecht eng effizient Ëmsetzung vun engem kohärente Vëlosnetz. En eenheetleche vel'OH!-System fir di fënnef Gemengen erlaabt eng onkomplizéiert Notzung iwwert d'Gemengegrenzen eraus. Och an Zukunft wëlle mir am Dialog mat de Gemengen d'Entwécklung vun dësem Raum ënnerstëtzen."

DICI est une initiative du Ministère du Développement durable et des Infrastructures et des communes.
Plus d'informations sur www.dici.lu

# NOUVEAU vel'OH! À ASSISTANCE ÉLECTRIQUE

## Cyclabilité et réseau cyclable





Avec l'amélioration de la cyclabilité de l'entièreté du réseau routier, le potentiel cyclable augmente.

D'Fuerqualitéit hëlt mat der Verbesserung vun der Fahrradtauglechkeet vum Reseau bäi.

Les 4 niveaux de cyclabilité
Di 4 Niveauen vu Fahrradtauglechkeet

| VERT/GRÉNG | BLEU/BLO | ROUGE/ROUD | NOIR/SCHWAARZ |
|---|---|---|---|
| Sans trafic motorisé et idéal pour novices | Sécuritaire (faible trafic) et agréable pour débutants | Practicable pour cyclistes expérimentés | Non adapté au vélo uniquement pour cyclistes prêts au risque |
| Ouni motoriséierte Verkéier ideal fir onerfuere Cyclisten | Verkéierssécher an agréable fir Ufänger | Fahrradtauglech fir geüübte Cyclisten | Net fahrradtauglich a nëmme fir risikobereed Cyclisten |
| | 30 | 50 | 90 |

## UNE ANALYSE DE LA CYCLABILITÉ DANS LES 5 COMMUNES

La qualité cyclable de l'entièreté du Réseau routier dans l'espace DICI a été analysée et représentée à l'aide du code couleur des pistes de ski – vert, bleu, rouge, noir.

D'après l'analyse, une grande partie du réseau routier dans les quartiers résidentiels en zone 30 km/h est un espace propice à la pratique du vélo (couleur bleue). Il est d'autant plus important que les automobilistes y respectent alors ces vitesses.

Les voiries où la vitesse et l'importance du trafic sont plus élevées, doivent, dans la mesure du réalisable, accueillir des aménagements cyclables pour pouvoir présenter une bonne cyclabilité.

Aussi, un concept d'un futur maillage de réseau cyclable régional ainsi qu'un catalogue de mesures pour en améliorer la cyclabilité a été accompli.

> Les communes ont ainsi entre les mains une base pour mettre en place un futur réseau cyclable interconnecté, continu et de qualité.

## FAHRRADTAUGLECHKEETS-ANALYSE VUM STROOSSENNETZ AN DE 5 GEMENGEN

D'Fahrradtauglechkeet vum gesamten Stroossennetz am DICI-Raum ass analyséiert ginn, wouduerch d'Fuerqualitéit fir de Vëlo geméiss dem Skipisten-Faarfcode – gréng, blo, rout, schwaarz – duergestallt ginn ass.

Aus der Étude kënnt däitlech eraus, datt d'Fahrradtauglechkeet an de Wunnquartiere mat 30km/h Zonë gutt ofschneit (blo Faarf), an deenen e Vëlosfuerer sech einfach a gemittlech am liichte Verkéier amësche kënnen.Dofir ass et och wichteg, datt d'Autosfuerer d'Vitesselimitatioun do respektéieren.

Op Stroossen wou d'Vitessen an de Verkéier méi héich sinn, mussen, wa machbar, Vëlosinfrastrukture geplangt ginn.

Dobäi ass och e regionaalt Vëlosnetz-Konzept geplangt ginn a Moossnamen proposéiert gi fir d'Fuerqualitéit ze verbesseren.

> Domat hunn d'Gemengen elo en Outil fir d'Fahrradtauglechkeet ze verbesseren a fir e kontinuéierlecht héichwäertegt a regionaalt Vëlosnetz auszebauen.

Partenaires du projet : Membres DICI, Tridée, MDDI - Département des transports - Cellule mobilité douce, LVI - Lëtzebuerger Vëlos-Initiativ, Administration des ponts et chaussées.

Projet



# NOUVEAU vel'OH! À ASSISTANCE ÉLECTRIQUE

5 communes – 1 système

[fr] **Des vélos à assistance electrique dans tout l'espace DICI avec vel'OH!**

Les communes de Bertrange, Hesperange, Leudelange et Strassen adoptent le nouveau vel'oh! de la Ville de Luxembourg

Soucieuses de vouloir accroître l'offre de mobilité de manière qualitative, ainsi que de promouvoir la mobilité active, les communes du DICI ont décidé de déployer le nouveau système de vélos à assistance électrique en libre-service vel'OH! de la Ville de Luxembourg sur leurs territoires. – Les citoyens et travailleurs pourront ainsi, grâce à l'assistance électrique, se déplacer aisément sur le territoire des cinq communes sans plus aucune barrière technique.

[lb] **Véloe mat elektrescher Assistenz am ganzen DICI-Raum mam vel'OH!**

D'Gemenge Bartreng, Hesper, Leideleng a Stroossen huelen den neie vel'OH! vun der Stad Lëtzebuerg och un

Fir eng besser a qualitativ Mobilitéitsoffer, hunn d'DICI-Gemenge décidéiert, déi nei vel'OH! mat elektrescher Assistenz vun der Stad Lëtzebuerg an de fënnef Gemengen unzebidden. – Et kann een elo mam selwechte Vëlo iwwerall gemittlech an ouni technesch Grenze fueren.

[en] **New electrically assisted bicycles through the whole DICI-space**

The communes Bertrange, Hesperange, Leudelange and Strassen adopt the new vel'OH! System of the City of Luxembourg

The new electrically assisted bicycles from vel'OH! will be soon available in the communes of Luxembourg, Bertrange, Hesperange, Leudelange and Strassen. You will be able to catch a bike in one commune and leave it in another one. Get a ride on it!



Lydie Polfer
Buergermeeschter
Stad Lëtzebuerg

„De Lancement vum neie vel'OH!-System mat elektrescher Assistenz an der Stad Lëtzebuerg an an de Nopeschgemengen ass e wichtege Schrëtt fir déi douce Mobilitéit weider ze fërderen. Duerch den erweiderte Reseau vu ronn 100 Statiounen a 900 Véloe mat elektrescher Assistenz kënnen d'Cliente méi usprochsvoll Weeër oder méi laang Distanzen zeréckleeën, sief et an der Stad oder den aneren DICI-Gemengen."



Frank Colabianchi
Buergermeeschter
Bartreng

„Als éischt Gemeng am Land, déi den elektresche Vëlo zanter 2012 am Locatiounssystem ageféiert a getest huet, gesäit d'Gemeng Bartreng et als ee vun de Succèse vun der regionaler Zesummenaarbecht DICI, dass den neie „vel'OH!" mat 100% Véloen mat elektrescher Assistenz gemeinsam a Betrib geholl ginn ass. Et ass eng Plus-value fir all eis Bierger, och fir déi, déi an d'Regioun schaffe kommen a fir eis Ëmwelt an d'Mobilitéit, déi mir als „mobilité douce" gäre weider ënnerstëtzen am Sënn vun alldeegleche regionalen Déplacementer op d'Schaff an och e bësse Fräizäit a Shopping."





Georges Beck
Schäffen
Hesper

„D'Mobilitéitsétude vum Juni 2018 an der Gemeng Hesper huet de Wonsch fir e weideren Ausbau vum vel'OH! ënnerstrach. D'Emstellung op Véloen mat elektrescher Assistenz ass eng logesch Entwécklung a begënschtegt d'Ausweitung vum System am DICI-Raum, an dëst och op d'Plaze wou d'Topographie méi usprochsvoll ass."





Diane Feipel
Buergermeeschter
Leideleng

„D'Harmoniséierung vum vel'OH!-System am DICI-Raum ass ee grousse Virdeel fir d'Leit. De Rayon wou de vel'OH! benotzt wäert ginn gëtt méi grouss. Säin Impakt op d'Mobilitéit douce wiisst a bedeit méi Fräiheet fir eis all. D'Gemeng Leideleng wëll bei dëser Entwécklung mat dobäi sinn. E puer vel'OH!-Statioune wäerten dofir an der Uertschaft installéiert ginn."



Gaston Greiveldinger
Buergermeeschter
Stroossen

„D'Aféierung vum vel'OH! am Summer 2011 zu Stroossen war e wichtege Schrëtt fir e Mentalitéitswiessel a punkto ëmweltfrëndlech Mobilitéit bei de Bierger/innen ze bewierken. Un dësen Erfolleg wëllt d'Gemeng Stroossen mat den neie Véloen mat elektrescher Assistenz uschléissen, déi ab Enn 2018 wäerten zu Stroossen disponibel sinn, an déi et erméiglechen och méi wäit Strecke kamoud zeréckzeleeën."



Plus d'informations sur :
Méi Informatiounen iwwert :
More informations about :

www.veloh.lu

Décembre 2018. Editeur : DICI – une coopération entre le Ministère du Développement durable et des Infrastructures et la Ville de Luxembourg ainsi que les Communes de Bertrange, Hesperange, Leudelange et Strassen. Tirage : 750 ex. Imprimé sur papier FSC. © Claudia Eustergerling Design. Photos : MDDI, DICI, DimNa, Adobe Stock, iStock.

Plus d'informations sur www.dici.lu